ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mäerz 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Am Mee 2021 hat de Regimm vum belarussesche President Alexander Lukaschenko ee Ryanair-Fliger um Wee vun Athen op Vilnius mat engem Kampffliger zur Tëschelandung zu Minsk gezwongen. Dës erzwonge Landung gouf deemools mat enger akuter Bommendreeung begrënnt. Ënner deene méi wéi honnert Passagéier u Bord waren och de Regimmkritiker Roman Protassewitsch, Matbegrënner vum Telegram-Kanal Nexta, a seng Frëndin Sofja Sapega. Déi jonk Koppel gouf no der Landung verhaft. No enger Bomm ass am Fliger ni gesicht ginn. D'EU, d'USA an d'Vereenegt Kinnekräich hunn doropshin hir Sanktioune géint Belarus verschäerft.

Den Här Protassewitsch gouf no dëser Aktioun vun de Staatsmedien am Belarus viru lafender Kamera humiliéiert a sëtzt säitdeem am Belarus fest.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Verfüügt den Här Minister iwwer fiabel Informatiounen, wéi et dem Här Roman Protassewitsch a senger Frëndin, der Madamm Sofja Sapega, am Ablack geet?
2) Wier den Här Minister bereet, beim belarussesche President ze intervenéieren, fir datt de Roman Protassewitsch, d'Sofja Sapega an eventuell nach aner politesch Gefaangener aus dem Belarus ausreese kéinten an zu Lëtzebuerg kéinten Asyl kréien?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten